

Lëtzebuerg, de 15 décembre 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

„Datt et der Police de Moment u Personal feelt, ass gewosst. Ma et schéngt awer, wéi wa virun allem am Bezierk Norden d’Personaldecken zimmlech dënn wier.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- 1. Wéi hunn sech d’Effektiver vun de Policebeamten am Bezierk Norden, virun allem och zu Dikrech, entwéckelt?*
- 2. Wéi vill Beamten, déi am Norden affektéiert sinn, sinn op aner Plazen detachéiert ginn?*
- 3. Wéi vill Beamte sinn de Moment am Laangzäitkrankeschäin?*
- 4. Wéi vill Beamte maache keen Aussendéngscht méi? Wat sinn d’Ursaachen dofir?*
- 5. Wéi vill Patroulle si pro Schicht op de jeeweilegen Déngschtstellen disponibel ?*
- 6. Wéi vill Beamte ginn an noer Zukunft am Bezierk Norden an d’Pensioun? Kënne si ersat ginn?*
- 7. Wéi vill Beamte sollen am Bezierk Norden an den nächste Jore bäikommen?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten